



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weider ze leeden.

D'Waardezäiten an der Kannerklinik si jo schonn zanter enger Rei Joren ëmmer erëm en Thema. Trotz diverser Ukënnegungen ass et, den Aussoe vu ville concernéierten Elteren no, nach net wierklech zu Verbesserung komme. Eisen Informatiounen no ass awer e weidere Problem, datt wa Kanner, no den Urgencë weider Traitementer brauchen, dann ënner Ëmstänn ganz laang op e Rendezvous bei engem Spezialist musse waarden.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister stellen:

1. Wat ass an de leschte Jore konkret ënnerholl gi fir d'Waardezäiten an der Kannerklinik ze reduzéieren ?
2. Wëssend datt et nach net zu enger wesentlecher Verbesserung komme ass, wat fir eng weider Mesuren si virgesinn ?
3. Wéi vill Dokteren hei am Land sinn an hire jeeweilige Fachgebidder zousätzlech an der Pediatrie forméiert an exerzéieren och an der Pediatrie vun engem Spidol ?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz  
Deputéierten

Georges Mischo  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 29 juillet 2021

Réf. : 839x8f440

**Concerne:** Question parlementaire n° 4571 du 29 juin 2021 de Monsieur le Député Georges Mischo et de Monsieur le Député Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n°4571 du 29 juin 2021 de Monsieur le Député Georges Mischo et de Monsieur le Député Marc Spautz concernant le temps d'attente en pédiatrie.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**  
Ministre de la Santé



**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4571 du 29 juin 2021 de Monsieur le Député Georges Mischo et de Monsieur le Député Marc Spautz concernant le temps d'attente en pédiatrie**

Wat ass an de leschte Jore konkret ënnerholl gi fir d'Waardezäiten an der Kannerklinik ze reduzéieren ?

Virop gëllt et ze soen datt säit Abrëll 2021 d'Kannerklinik mat enger Pandémie vum Virus respiratoire syncytial (RSV) bei Puppelcher konfrontéiert ass leider. Doduerch klammen d' Zuelen an den Urgencen bis zu 240 Kanner pro Dag. D'Aktivitéit ass vun 2020 op 2021 signifikativ eropgaangen, soit 120% am Abrëll, 86% am Mee an 11% am Juni.

Am Juni 2021 ass et zu 4353 Passagen an den Urgencen vun der Kannerklinik komm, woubäi 965 vun der maison médicale pédiatrique (degré d'urgence: U4/U5) konnten en charge geholl ginn; die aner 3390 hunn missten an den Urgencen selwer traitéiert ginn.

Am Verglach mam Joer 2019 (virun der Covid-19-Pandemie), koum et zu 3395 Passagen, dovun goufe 2500 vun den Urgences en charge geholl an 895 vun der maison médical pédiatrique.

D'Waardezaiten en vue vun enger Prise en charge vun de Kanner ass an der Moyenne ongeféier 10 Minutten eroofgange.

Fir d'Waardezäit an der Kannerklinik ze verkierzen gëtt en Triage vun den Patiente gemaach en Fonctioun vun verschiddene Kritère wéi z.B Patients à haut risque, Pathologie, heures de pointe , Adaptatioun vun den Schaffzeiten vun den Dokteren an Infirmièren un d' heures de pointe, Verbesserung vum Flux un d'Unités d'hospitalisation avec un bedmanager.

Säit den leschte Wochen läit den Taux d'occupation iwwert 100% sou dass d'Urgencen iwwerfüllt sinn an d'Boxen an den Urgencen net kuerzfristeg fräi gemeet kënnen ginn. Et gouf décidéiert Kanner, déi eng programméiert Operatioun am Hôpital du jour haaten, op een aneren Site ze transferéieren fir esou Better am Hôpital du jour vun der Kannerklinik fräizehalen an lits porte fir Kanner doraus ze maachen. Doduerch konnt en besseren Flux assuréiert ginn. Anerersäits gouf weidere Personnel soignant recrutéiert. Et gouf och een Conseil scientifique mat engem Expert international op d'Been gestallt fir den Service national des urgences.

Wëssend datt et nach net zu enger wesentlecher Verbesserung komm ass, watfir eng weider Mesuren si virgesinn ?

D'Kannerklinik kritt am September nach 2 Médecins urgentistes bäi. Parallel, läit der Commission Permanente du Secteur Hospitalier eng Demande vir fir 8 zousätzlech Better. Et kéint een och eng Adaptatioun vun den Öffnungszäiten vun der Maison médicale pédiatrique virgesinn fir d'Kannerklinik ze entlaaschten. Een weider wichtege Changement wier d'Méiglechkeet en Transfert un aner Services de pédiatrie de proximité maachen ze kënnen.



*Wéi vill Dokteren hei am Land sinn an hire jeeweilege Fachgebieder zousätzlechan der Pédiatrie forméiert an exerzieren och an der Pédiatrie vun engem Spidol ?*

Den Gesondheitsministère huet just Informatiounen iwwer déi Dokteren déi eng Autorisation d'exercer an der Pédiatrie hunn, mee net iwwer Dokteren déi an engem aneren Domaine spezialiséiert sinn an punktuell an der Pédiatrie aktiv sinn. Stand haut, sinn 6 aktiv Médecins-spécialistes an der chirurgie pédiatrique, 117 actif Médecin-spécialistes an der Pédiatrie an 23 actif Médecins-spécialistes an der Psychiatrie infantile recenséiert.